ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An den USA gëtt envisagéiert, fir Enn Summer domat unzefänken, Kanner géint Covid-19 ze impfen. A Groussbritannien wëll een am Hierscht domat ufänken. AstraZeneca an d'Universitéit Oxford hunn am Februar ugekënnegt, datt si 300 fräiwëllege Kanner tëscht 6 a 17 Joer Impfdosen injizéiere wäerten. Johnson & Johnson huet och ugefaang, d'Effikassitéit vun hirem Impfstoff u Mannerjäregen ze testen. Dobäi ass bekannt, datt déi meescht Kanner, déi mat Covid-19 infizéiert ginn, keng oder kaum Symptomer opweisen an de Virus och vill manner weidergi wéi Erwuessener.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Spillt d'Regierung mam Gedanken, fir iergendwann och Kanner impfen ze loossen? Wa jo, wat fir Bedingunge missten erfëllt sinn, bzw. wat fir Ëmstänn misste virleien, fir datt d'Regierung dës Decisioun géif treffen?
2. Huet d'Regierung Donnéeën, déi beleeën oder widderleeën, datt d'Abezéiung vun de Kanner an d'Impfkampagn eist Land dem Zil „Herdenimmunitéit" géif méi no bréngen?
3. Huet d'Regierung Informatiounen doriwwer, ob eis Nopeschlänner envisagéieren, Kanner impfen ze loossen?
4. Gëtt op europäeschem Plang iwwer d'Kannerimpfung als méiglech Optioun am Kampf géint Covid-19 diskutéiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten